LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 05 NOV. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
05 NOV. 2019

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet:** **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Messieurs les Vice-Premiers Ministres et de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration à la question parlementaire n°1420 de l'honorable Député Fernand KARTHEISER au sujet du code de déontologie applicable aux membres du Gouvernement.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°1420 du 4 novembre 2019 de Monsieur Député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
05 NOV 2019

**Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Messieurs les Vice-Premiers Ministres et de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration à la question parlementaire n°1420 du 4 novembre 2019 de l'honorable Député Fernand KARTHEISER**

**1. Wéi examinéiert a qualifizéiert d'Regierung dës rezent an nei Faiten am Hibléck op den Deontologieskodex vun der Regierung?**

D'Madame Minister huet sech an engem perséinleche Message un de Stater Geschäftsverband adresséiert fir op eng aktuell schwiereg Situatioun opmierksam ze maachen a konkret Léisungsusätz ze proposéieren.

D'Madame Minister huet sech virun hirem Mandat an der Regierung fir d'Stad Lëtzebuerg an de lokale Commerce engagéiert an hei en Appel un déi Responsabel geriicht, deen net a Konflikt steet mam Code de déontologie fir Regierungsmemberen.

**2. Handelt et sech hei ëm en Interessekonflikt vun der Madame Familljeminister? Handelt et sech ëm en Amtsmëssbrauch vun enger Ministesch, respektiv esouguer ëm e Muechtmëssbrauch?**

Et gëtt keng Indikatioun, dass de Message, deen d'Madame Minister un déi Responsabel vum Stater Geschäftsverband gemaach huet, a Konflikt wier mam Deontologiekodex fir Regierungsmemberen.

**3. Wéi qualifizéiert d'Regierung déi Tatsaach, datt d'Madame Minister weider ëffentlech Rekiamm fir de Schongbuttek mécht?**

De Message, deen d'Madame Minister un de Stater Geschäftsverband adresséiert huet, kann net als „Reklamm" qualifizéiert ginn.

**4. Wéi gesäit d'Regierung d'Auswierkungen an dëser Affar, besonnesch no engem Fall vu presuméiertem Amtsmëssbrauch an enger grousser Südgemeng, op d'Credibilitéit vun der Politik hei am Land?**

D'Regierung gesäit kee Lien tëscht enger vum honorabelen Deputéierten zitéierter Affär vu présuméiertem Amtsmëssbrauch an engem Message vun der Madame Minister un déi Responsabel vum Stater Geschäftsverband.

**5. Misst d'Madame Familljeminister net d'Konsequenzen zéien a vun hirer Funktioun als Minister demissionéieren?**

Et gëtt keng Elementer, déi dat géife rechtfäerdegen.